piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Op de soziale Medie beschreiwe verschidde Buschaufferen onsozial an abusiv Aarbechtsbedingungen, déi si bei private Busentreprisen erliewen. Rieds ass vun 12 Stonne Bereetschaft an d'Erfëlle vun Aufgaben, déi net méi am Horaire vum Fuerplang mat agebaut sinn. Dëst zu engem minimale Salaire. Mat der Ofännerung beim TICE wäerten verschidde Linnen op den RGTR an domadder privat entreprisen ausgelaagert ginn (wéi zum Beispill d'Linn 10 zu Monnerech).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäerten d'TICE-Linnen zu Diddeleng duerch Privatlinnen ersat ginn?
2. Wäerten d'Aarbechtsbedingunge vun de Buschaufferen op den aktuellen TICE-Linnen, déi ausgelagert ginn, mat der Privatiséierung vum RGTR erofgoen?
   Falls nee, wéi stellt d'Ministesch sécher, dass d'Aarbechtsbedingunge bei de Privatfirmen, déi fir den RGTR fueren, genee sou gutt sinn, ewéi beim TICE ?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

GOERGEN Marc

Deputéierten